LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Inneminister a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 4622 vum 17. August vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT.**

1. **Wéini a wéi huet d'Regierung Kenntnis dovu kritt, datt d'Dampwollek vun de Bränn am Héije Venn och iwwer Lëtzebuerg géif oder kéint zéien?**

Déi zoustänneg Administratiounen a Ministèren stoungen am Kader vun hire jeeweilege Missiounen am lafenden Austausch iwwer d'Entwécklung vum Brand, d'meteorologesch Situatioun an d'Loftqualitéit. D'Informatiounen iwwer d'Entwécklung vum Brand, d'Wandkonditiounen an déi méiglech Auswierkungen op Lëtzebuerg goufen tëscht den zoustännege Fachverwaltungen ausgetosch.

Scho virun der Aberufung vun der Cellule d'évaluation gouf d'Situatioun opmierksam suivéiert. Well net ausgeschloss konnt ginn, datt sech d'Situatioun wéinst de meteorologesche Konditioune verännere kéint, gouf Sonndes eng Cellule d'évaluation aberuff. Laut de virleienden Informatioune goufen déi verschidden Acteuren géint 15.00 Auer informéiert, datt d'Sëtzung um 17.00 Auer géif stattfannen.

Betreffend de CGDIS ass ze soen, dass nodeems dëse Kenntnis iwwert d'Bränn an den Hautes Fagnes hat, e permanente Monitoring vun der Kommunikatioun zu der Situatioun gemaach huet. Sou konnt séchergestallt ginn, dass déi Messagen déi de CGDIS finalement un d'Populatioun zu Lëtzebuerg erausginn huet, kohärent an ofgestëmmt zu deenen aus de Nopeschlänner waren.

Sou si Samschdes, de 15. August 2026 zum Beispill schonn an Däitschland éischt Informatiounen un d'Populatioun erausgaang, fir dës iwwert eng méiglech "Geruchsbelästigung" a Kenntnis ze setzen. Iwwert den däitsche Warnsystem fënnt een iwweregens all d'Informatiounen op https://warnung.bund.de/startseite.

Nodeems den CSU-112 am Laf vum fréien Owend éischt Appeller vu Leit krut, déi drop opmierksam gemaach hunn, dass et lokal no Feier géing richen, huet de CGDIS, sou wéi et de 24. Juli 2024 vum Regierungsrot an der Gouvernance vun LU-Alert festgehal ginn ass, Samschdes Owend géint 20:15 Auer eng Informatioun (Niveau Gréng) iwwert de Warn- an Informatiounskanal vun der LU-Alert App erausgeschéckt. Dëse Message hat als Zil, d'Leit driwwer ze informéieren, dass et bei eis am Land, wéinst enger Rei Vegetatiounsbränn an Däitschland an an der Belsch, no Damp kéint richen. De Message hat och als Zil, dass d'Noutruffzentral CSU-112 duerch ze vill Appeller net sollt iwwerlaascht sinn, well jo gewosst war wou den Dampgeroch hierkéim.

Well sech d'Situatioun an den Hautes Fagnes bis Sonndes, de 16. August Moies net verbessert hat, an am Laf vum Dag och ëmmer nees Appeller um CSU-112 ukomm sinn, gouf säitens dem CGDIS decidéiert, d'Informatioun vu Samschdes nach eemol erauszeschécken, dës Kéier awer iwwer SMS, fir esou méi Leit um Territoire vum Land ze erreechen. Dëse Message ass géint 15.00 Auer erausgaang.

Den Niveau vum Message war nach ëmmer dee vun der Informatioun, sou wéi dat och an den Nopeschlänner de Fall war.

Et sief hei nach preziséiert, dass de CGDIS säit Samschdes beméit war, bei alle concernéierte staatlechen Acteuren Informatiounen ze sammelen.

2. **Firwat gouf am éischten LU-Alert vum 14.42 Auer just vun engem méigleche schlechte Geroch geschwat, an net direkt op eng méiglech Verschlechterung vun der Loftqualitéit higewisen?**

Et sief als éischt op d'Fro 1 verwisen.

D'Kommunikatioun an d'Warnstufen orientéieren sech un den Informatiounen an Donnéeën, déi zum jeeweilege Moment disponibel sinn. Zu deem Zäitpunkt louchen déi zu Lëtzebuerg gemoosse Wäerter nach bannent de virgesinnen Schwellewäerter. Och d'Lagebewäertunge vum CGDIS an d'Réckmeldungen aus dem Gesondheetsberäich hunn deen Zäitpunkt keng aussergewéinlech Situatioun erkennen gelooss.

D'Informatioun un d'Bevëlkerung gouf no der Entwécklung vun de Miesswäerter an den neien Erkenntnisser kontinuéierlech ugepasst.

3. **Firwat gouf net scho fréizäiteg, respektiv um Moie vum 16. August, eng preventiv Warnung erausginn?**

D'Warnstuf gëtt op Basis vun den zu deem Zäitpunkt disponibelen Informatiounen an de festgeluechte Krittäre festgeluecht. Zu deem Zäitpunkt louchen déi zu Lëtzebuerg gemoosse Wäerter nach bannent de virgesinnen Schwellewäerter.

De CGDIS huet déi éischt Informatioun Samschdes Owes géint 20:15 Auer erausginn. Den Detail dozou gëtt bei der Fro 1 beschriwwen.

Sonndes goufen zwou SMS'en verschéckt. D'Entscheedung eng Informatiouns-SMS mat Recommandatiounen un d'Bevëlkerung erauszeginn ass am Kontext vun der Cellule d'évaluation getraff ginn.

No de virleienden Informatioune wier eng méi héich Warnstuf nëmmen op Basis vun enger méiglecher spéiderer Entwécklung net am Aklang mat der deemoleger fachlecher Bewäertung gewiescht.

4. **Wéi erkläert d'Regierung déi Zäitspan vu ronn fënnef Stonne bis zur zweeter Warnung mat der konkreter Empfeelung, d'Fënsteren zouzemaachen?**

D'Situatioun gouf kontinuéierlech observéiert an d'Kommunikatioun gouf un déi aktuell Erkenntnisser ugepasst. Bannent der Cellule d'évaluation gouf d'Situatioun gemeinsam vun de betraffene Fachverwaltunge bewäert.

Déi wëssenschaftlech Basis vun de Bewäertunge gouf vun der Direction de la santé, der Administration de l'environnement a MeteoLux geliwwert. Suite op d’Analyse gouf decidéiert wéi eng Kommunikatiounsaktiounen geholl ginn. Et sieft ze bemierken datt aus techneschen Grënn d’Caractèren am SMS limitéiert sinn an duerfir och parallel een Communiqué preparéiert ginn ass an d’Internet Säiten à jour gesat ginn sinn. Zu dem Moment waren d’Schwellewäerter net erreecht.

Beim Schwellewäert fir de Feinstaub handelt et sech ëm en Dagesmëttelwäert. Eng Ëmweltinformatioun respektiv eng Ëmweltwarnung gëtt nom Ofschloss vum betreffenden Dag erausginn. Dëst entsprécht de Bestëmmunge vun der europäescher Loftqualitéitsdirektiv (EU) 2024/2881.

Lëtzebuerg, de 24. August 2026.

De Premierminister,
(s.) Luc FRIEDEN